PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/04/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Säit dem 17ten Abrëll däerf de Generalist, géint deen 2022 een zäitweilegt Beruffsverbuet ausgeschwat gi war, erëm schaffen. Seng Praxis ass erëm op wéi d'Tageblatt an engem Artikel vum 19ten Abrëll mellt. Wéi d'Lëtzebuerger Land d'lescht Joer gemellt hat, hat de Medezinner vill Déngschter am Centre médical zu Ettelbréck iwwerholl.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann de Generalist och erëm seng Aarbecht an engem Centre médical ophuelen?
2. Wa jo, wäert dofir gesuergt ginn, dass zäitgläich nach een aner Dokter oder eng aner Doktesch present ass, fir dass d'Patienten net gezwonge sinn sech vum verurteelte Generalist behandelen ze loossen?
3. Kann d'Ministesch Afloss dorop huelen, wien an engem Centre médical Déngscht huet? Wien ka soss Afloss dorop huelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten